ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Sektioun Diddeleng**

Här Dan Biancalana

Buergermeeschter

Gemengeplaz

L - 3590 Diddeleng

Diddeleng, de 4. Mee 2017

Här Buergermeeschter,

Sou wéi d'Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 et virgesäit (Art. 13), bieden ech Iech, dës Fro op den Ordre du jour vun der nächster Gemengerotssëtzung ze setzen.

Ech hu mat Bedaueren der Äntwert vum Transportminister François Bausch op eng parlamentaresch Fro entholl, datt vun 2018 un keng direkt Zich tëscht Vuermereng a Lëtzebuerg méi verkéiere wäerten. Dat ware menges Wëssens och déi eenzeg direkt Zich, mat deenen d'Diddelenger Leit konnten an d'Stad fueren, ouni datt si zu Betebuerg hu missen ëmsteigen.

An deem Zesummenhang stelle sech mär dës Froen:

1. Ass d'Diddelenger Gemeng iwwer dëse Schrack vum Transportminister consultéiert ginn?
2. War d'Diddelenger Gemeng mat dëser Decisioun d'accord?
3. Ass den Aus fir dës Streck definitiv oder soll déi Linn nom Ausbau vun der Streck Betebuerg-Lëtzebuerg nees opgoen?
4. Kann Diddeleng nom Ausbau vun där Streck mat méi direkte Verbindungen op Lëtzebuerg rechnen?
5. Halen déi Navetten op Betebuerg an Näerzeng, déi d'Zuchlinn sollen ersetzen, och zu Diddeleng?
6. Wat ass den Impakt vun där Decisioun op de Stroosseverkéier, deen duerch Diddeleng fiert?
7. Stellt dës Decisioun net och déi vill Investitiounen an de P&R zu Vuermereng am Intérêt vun Diddeleng a Fro? Wéi vill huet d'Gemeng Diddeleng bis elo fir de Parking bezuelt zënter dat dëse besteet?

Mat frëndleche Gréiss,

Victor Haas
Conseiller

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique** **20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg**